Lëtzebuerg, den 17. September 2020

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« No engem éischte Bilan zwee Joer no der Taxisreform vun 2016, dee gemëscht ausgefall ass, huet den Här Minister am Fréijoer 2019 ugekënnegt d'Taxisgesetz nach emol wëllen z'iwwerschaffen. Tatsächlech huet d'Reform eent vun den Haaptziler, nämlech de Präis ze drécken, net konnten erreechen.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen :*

- *Wéi wäit sinn d'Aarbechten un deem neie Gesetzesprojet ?*
- *Wéini wäert e kënnen an der Chamber deposéiert ginn ?*
- *Kann den Här Minister schonn Detailer vun der neier Reform ginn ?*
- *Wäert d'Deckelung vun de Lizenzen opgehuewe ginn ?*
- *Wäert et nach just eng Zon fir d'ganzt Land ginn ?*
- *Wéi ass d'Evolutioun vun der Gesamtzuel u Lizenzen wärend de leschten 10 Joer ?*
- *Wéi ass d'Evolutioun vun der Unzuel u Lizenzen zënter der Reform vun 2016, opgeschlësselt op déi sechs verschidden Zonen an d'Zort vu Lizenz (Null Emissiounen oder klasseschen Taxi) ?*
- *Wéi hunn d'Präisser zënter 2016 evoluéiert ?*
- *Ass en Effekt vun der Corona-Pandemie op d'Präisser festzestellen ?*

*- Wéi vill Reklammatioune sinn zënter der Reform enregistréiert ginn ? Wat sinn d'Haaptgrënn fir d'Reklammatiounen ?*

*- Wéi vill Taxie goufen zënter 2016 protokolléiert ? Wat waren déi verschidde Grënn heifir ?*

*- Kann den Här Minister eis soen, opgeschlësselt no der Unzuel u Chaufferen, wéi vill Taxisfirmen zu Lëtzebuerg aktiv sinn a wéi déi Zuel an de leschte fënnef Joren evoluéiert huet ?*

*- Wier de Minister bereet, zesumme mam Secteur en informateschen Outil z'entwéckelen, deen dem Client z.B. en Iwwerbléck vum Präis fir e bestëmmten Trajet vun de verschiddenen Taxisfirme gëtt ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten